

Pressekonferenz

Rentrée syndicale SNE/CGFP 2020-2021

1. Begréissung :

Dir Dammen an dir Häre vun der Press, et freet mech, lech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP op eiser Rentréespressekonferenz begréissen ze däerfen.

2. LuxDidac 2020 :

D'Rentréespressekonferenz ass net wéi gewinnt am Forum GeeseKnäppchen, mee an eise Lokalitéiten hei um Siège vum SNE/CGFP. An dofir gëtt et e spezielle Grond: Wéinst de Restrictionen duerch d'Pandemie organiséiere mir nämlech keng Luxdidac am traditionelle Sënn, mee mir maache just eng digital LuxDidac. Aussteller aus Lëtzebuerg, Däitschland, Frankräich an der Schwäiz stelle sech op der Websäit vum SNE/CGFP vir a presentéieren hiert didaktescht Material. Do fannt dir interessant Nouveautéiten, kleng Videoen oder d'Méiglechkeet un enger Online-Sprechstunde deelzehuelen.

Zu der LuxDidac gehéieren awer och, wéi all Joer, eng Rei vu Formatiounen, déi an den nächste Wochen online oder um Siège vum SNE/CGFP stattfanne wäerten.

3. Pressekonferenz :

3.1 Rentrée 2020/2021

D'Rentrée 2020/2021 stoung, wéi et sech leider ze erwaarde war, am Zeeche vun der Covid 19 – Kris. D'Pandemie an déi domadder verbonnen Aschränkunge stellen d'Schoul am Allgemengen, an d'Enseignanten am Speziellen, viru grouss Erausforderungen.

Fir den SNE/CGFP ass et kloer, dass d'Schoul eng sozial wichteg Institutioun ass an och an dese schwéieren Zäiten hire Bildungsoptag erfëlle muss. Dofir war et wichteg, dass d'Kanner de 15. September erëm an engem méiglechst normale Kader

an d'Schoul konnte goen. Fir den SNE/CGFP war et awer gläichzäiteg ausgeschloss, dass dobäi onnéideg gesondheetlech Risike géife geholl ginn.

D'Gesondheet vun de Kanner an dem Léierpersonal mussen an eisen Aen ëmmer absolut Prioritéit hunn.

Positiv huet den SNE/CGFP et gesinn, dass d'Enseignanten an d'Schüler d'Méiglechkeet haten, sech virun der Rentrée testen ze loosser. Dëst war eng effikass Prozedur, infizéiert Persounen ze identifizéieren ier de Schoulbetrib lass gaangen ass. Esou konnt verhënnert ginn, dass eventuell positiv getestete Schüler oder Enseignantë vun Ufank un an de Schoul-Circuit erakommen. Den Aussoe vum Här Minister Meisch no, konnten tëschent dem 1. September an dem 15. September ronn 140 Kanner a Jugendlecher tëschent 3 an 20 Joer, déi sech mam Coronavirus infizéiert hunn, identifizéiert ginn. Doriwwer eraus schwätzt den SNE/CGFP sech awer gläichzäiteg och fir e reegelméisseg fräiwëllege Gratis-Testing fir d'ganz Schoulpopulatioun aus. Nëmme esou kënne vun Ufank un eventuell Infektionskette gebrach ginn.

Des Weideren hat den SNE/CGFP sech derfir agesat, dass d'Ofstandsreegelen iwwerall an der Schoul agehale misste ginn. Wann dat bei gréisseren Effektiver net am Kllassesall méiglech wär, dann hätt een an eisen Aen op ee méi grouss Kllassesall zeréckgräife mussen oder awer d'Klass hätt misse gesplitt ginn. Dës Fuerderung ass awer leider bei de Responsabele vum MENJE op daaf Ouere gestouss.

Positiv gesi mir als SNE/CGFP, dass déi Responsabel endlech d'Wichtigkeet vum Lëften agesinn hunn an hir Direktiven op deem Punkt preziséiert hunn. Dem Lëfte kënnt eng primordial Bedeutung zou, och well neisten Erkenntnisser no d'Aerosolen eng méi grouss Roll bei der Verbreedung vum Virus spille wéi am Ufank ugeholl. Mir hätten ons awer virstelle kënnen och mat mobile Raumlufreiniger ze schaffen, an zwar an deene Fäll wou d'Fënsteren net opginn oder d'Klimaanlagen e konstanten a vollstännege Loftaustausch net kënne garantéieren. Mee och do ass de MENJE eiser Fuerderung net nokomm.

Och kéinte sougenannten CO2-Ampelen an den Ae vum SNE/CGFP an de Schoulen zum Asaz komme fir d'Konzentratioun u verbrauchter Loft an de Kllassesäll ze kontrolléieren. Mee och do hate mir Pech! Ass et vläicht esou, dass d'Kris nach net grav genuch ass, fir esou Investissementer an d'Sécherheet vum Personal oder vun de Kanner ze rechtfertegen?

E weidere wichtige Punkt an den Ae vum SNE/CGFP ass de Contingent. Fir eventuell Corona-Retarde bei de Kanner ze kompenséieren, hate mir ab dëser Rentrée en zousätzleche Corona-Contingent gefuerdert, leider ouni Erfolleg.

Nëmme mat extraen Appuisstonnen an der Schoul hätt ee kënne garantéieren, dass all Kand, dat zousätzlech Hëllef brauch, déi och kritt. Déi Cours de rattrapagen, déi de

MENJE am 1. Trimester ausserhalb vum Schoulhoraire virgesäit, sinn zwar eng kleng Hëllef, mee bedeiten awer och eng zousätzlech Belaaschtung fir d'Schüler. Dëse Rattrapage steet och a Konkurrenz zu de Veräinsaktivitéiten.

Nach eemol zeréck zum Contingent:

Hei fuerdert den SNE/CGFP :

- Eng Adaptatioun vum «Mode de calcul» : D'Klassemoyenne fir d'Berechnung vum Contingent soll vu 16 op 15 erfesat ginn.
- Den «Indice social» muss méi staark de «Contingent de base» beaflosse kënnen an et doduerch erlaaben, méi Personal an déi Schoulen ze kréien, wou d'sozial Begebenheeten net esou gutt sinn.
- D'Schüler mat spezifesch Besoine mussen och onbedéngt am Contingent berücksichtegt ginn.

Eng weider Fuerderung vum SNE/CGFP war an ass, dass krank Kanner vum Enseignant missten ofgewisen oder heem geschéckt kënnen ginn. All ze vill dacks koumen an der Vergaangenheet Kanner mat Symptomer wéi Féiwer trotzdeem an d'Schoul a sinn an der Schoul versuergt ginn. Mir verstinn, dass et fir munch Eltere ganz schwéier ass, d'«Prise en charge» vun hire Kanner an dëse Fäll ze organiséieren an dass déi berufflech Contrainten do dacks am Wee stinn, mee et ass a Coronazäiten awer en absoluten No-Go Kanner mat Symptomer, déi kéinten op eng Coronainfektioon hiweisen, an d'Schoul ze schécken. An deem Zesammenhang hate mir dem MENJE, ouni Erfolleg d'Installatioun vun engem Féiwermoossapparat an all Schoul proposéiert.

Elo ass et jo esou, dass den Educatiounsminister zesumme mat der Santésdirektioun en Dräi-Stufemodell ausgeschafft huet, jee nodeem wéi d'Configuratioun vun de Covid 19-Fäll an de Klassen oder Schoulen ass.

Wann den SNE/CGFP esou engem Modell am Virfeld zoustëmme konnt, esou stellt sech awer elo eraus, dass d'Enseignantë bei der praktescher Ëmsetzung am Ree stoe gelooss ginn. Et feelt u präzise Consigné vu Säite vum Ministère a vun den Direktiounen. A wann dann emol eng Consigne erausgeet, dann ass se oft nach widderspréchlech.

D'Froen, déi d'Enseignantë sech zu Recht stellen, bleiwe gréisstendeels ouni Äntwert oder d'Äntwert ass esou onprezis, dass den Enseignant näischt domadder ufänke kann. Esou kann et net viru goen. Den SNE/CGFP fuerdert de MENJE op, endlech Tacheles ze schwätzen.

An dësem Dräi-Stufemodell war och ufanks eng Deel-Quarantän net virgesinn. Dass d'Léierpersonal weider Schoul hale muss, och wann et a Quarantän ass, huet no engem Post op de sozialen Netzwierker fir vill Opreegung a Froe gesuergt, an dat mat Recht. Zum Zäitpunkt, wou mir eiser Pressekonferenz de leschte Schléff ginn hunn, schéngt et jo esou, wéi wann den Här Minister do selwer nach net déi lescht Decisioun geholl hätt an déi Virgoensweis nach iwwerschaffen a mat de Partenaire beschwätze wéilt. Also: «Affaire à suivre».

Eppes muss een awer ganz kloer soen. Eleng de Fait, dass de Minister déi «Deel-Quarantänsmesure» elo erëm zur Diskussioun stellt, gëtt awer en Hiweis dorobber, wéi chaotesch d'Zesummenaarbecht tëschent den Instanze vum MENJE an der Santé ze si schéngt. An net nëmmen do happert et, wéi mir virdu scho gesot hunn, feelt et u präzise verbindlechen Aussoe vu Säite vun den Autoritéiten. De Chaos an de Schoulen am Fall wou eng Covid-Infektioun optrëtt ass virprogramméiert, wann net d'Instanzen dem Léierpersonal elo endlech kohärent, net widderspréchelech a schrëftlech Virgoensweisen opzeechnen.

Fir déi bis elo am Enseignement applizéiert Prozedur vun der Deel-Quarantän, wou en Enseignant, deen a Quarantän ass, awer an d'Schoul komme muss fir ze enseignéieren an do dann zwangsleefeg Kontakt mat aneren huet, huet den SNE/CGFP absolutt kee Verständnis.

D'Quarantän gëllt also net fir d'Aarbecht awer fir d'Fräizäit an d'Privatliewen, en absolutten No-Go fir den SNE/CGFP. Entweder ass eng Persoun a Quarantän oder si ass et net a brauch dann net doheem ze bleiwen, weder fir d'Beruffsliewen, nach fir d'Privatliewen.

Dass soss d'Kapazitéite vum Ersatzpersonal séier opgebraucht wäeren an et schwéier wär, de Fonctionnement vun der Schoul oprecht ze erhalen, ass keen Argument, dat dem SNE/CGFP duergeet fir esou e Schratt ze rechtfertegen. Wee Fonctionnement vun der Schoul seet, schwätzt gläichzäiteg och vu Remplacementen. Hei fuerdert den SNE/CGFP scho méi laang de Rekrutement vum Ersatzpersonal op 2 Niveauen:

- Surveillanten déi Remplacementen «à court terme» kënnen assuréieren. Fir dës Leit géif den aktuelle Stage vu 4 Wochen duergoen.

- Remplaçanten, déi méi laang Remplacementen kéinten assuréieren. Dës Agente missten ee méi laangen a méi intensive Stage absolvéieren.

Als Gewerkschaft besteet dem SNE/CGFP seng Aufgab doranner, d'Rechter an d'Meenunge vu senger Memberen ze representéieren an ze verdeedegen. An dësem Sënn zielt den SNE/CGFP, trotz alle Schwierigkeeten, och an dësem Schouljoer op eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat dem Educationminister. Dës Zesummenaarbecht huet sech awer d'lescht Joer e bësse méi schwierig

erwisen. Vill ze dacks hunn dem Educationminister seng Diskussionsronne mat de Gewerkschaften sech op eng reng Vermëttlung vun Informatiounen an Decisioune reduzéiert. Zu kontrovers geféierte Gespréicher ass et net komm. Mee vläicht war jo och de Covid-19 zum Deel Schold dorunner.

Den SNE/CGFP ass awer iwwezeegt, dass och den Educationminister Wäert op eng konstruktiv Zesummenaarbecht leet, well onst gemeinsaamt Zil jo schliisslech eng qualitativ héichwäerteg Bildung vun all de Kanner ass!

Un de Revendicatioune vum SNE/CGFP huet sech op jidde Fall näischt wärend der Sommervakanz geännert.

3.2 Administrativen Opwand a Vertrauen an den Enseignant :

Jo, d'Vetrauen an den Enseignantsberuff an an den Enseignant ass dat, wat jiddereen um Terrain brauch, fir seng Aarbecht gutt an effikass ze verriichten. All Schoulmeeschter, deen Dag fir Dag mat de Kanner um Terrain schafft an dem Minister seng Schoulpolitik ëmsetze muss, huet dat Vertrauen verdéngt. D'Pandemie huet gewisen, dass den Educationminister op säi Léierpersonal ziele kann. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Léierpersonal och dat Vertraue säitens den Autoritéite spiert, fir sech kënnen der Erausfuerderung vun der Schoul vu muer ze stellen. A Vertraue schafft een net duerch d'Aféiere vun rigide Consignen, déi sech an enger Hellewull vu Formularen, Notes de servicen an administrative Prozeduren erëmispigelen.

Fir dës Formularen, Notes de servicen an administrativ Prozeduren ze entschlaken, gouf d'lescht Schouljoer, och op Drock vum SNE/CGFP, en Aarbechtsgrupp mat alle concernéierten Acteuren an d'Liewe geruff. Nodeem deen Aarbechtsgrupp e puermol zesumme komm ass, ass d'Aarbecht vun dësem Grupp leider duerch d'Pandemie ënnerbrach ginn. Den SNE/CGFP fuerdert de MENJE awer op, dës Aarbechten nees un d'Rullen ze kréien. Dem SNE/CGFP seng Positioun ass jo zënter Laangem bekannt:

Déi administrativ Aarbecht a Prozedure mussen op e strikte Minimum reduzéiert ginn an d'Vetrauen an d'Enseignantë muss d'Grundlag vun hirem Schaffe sinn. Méi Vertrauen amplaz Kontroll ass hei de Motto. Engem faule Kompromëss wäert den SNE/CGFP dofir op kee Fall zoustëmmen.

3.3 Formatioun vum Enseignant

Och bei der Schoulmeeschteschausbildung huet um SNE/CGFP senger Fuerderung sech näischt geännert. Den SNE/CGFP fuerdert nach ëmmer d'initial Schoulmeeschteschausbildung op Masterniveau ze hiewen, esou wéi dat an eisen europäeschen Nopeschlänner de Fall ass. D'Ufuerderungen un d'Léierpersonal ginn nämlech ëmmer méi grouss a méi komplex an dofir ass e Rekrutement op

Masterniveau absolutt noutwendeg. Ass et fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat a ville Beräicher eng Virreiderroll an Europa wëllt spillen, ze rechtfertegen, dass mir grad bei der Schoulmeeschteschausbildung deenen anere Länner hannendru lafen?

D'Léierin an de Schoulmeeschter brauchen eng qualitativ héichwärtig Ausbildung fir d'Defien, déi de Beruff mat sech bréngt och an Zukunft ze meeschteren. Dat geet an eisen Aen eben net, ouni dës Ausbildung op Masterniveau unzesidelen. Op alle Fall ass et awer kloer fir den SNE/CGFP, dass mir net wëllen vum Generalist am Fundamental ewechkommen.

Duerch eng generell Ausbildung op Masterniveau géif de Beruff op jidde Fall revaloriséiert ginn an d'Studente wäeren och besser op déi aktuell an zukünftige Defie virbereet. En allgemengt Rekrutéiere vun der Léierin a vum Schoulmeeschter op Masterniveau, esou wéi dat a bal allen europäesche Länner elo schonn de Fall ass, ass op jidde Fall eng vun den Hauptfuerderunge vum SNE/CGFP.

3.4 Uni.lu

Fakt ass, dass schonn zënter Joren de Studium an domat de Rekrutement fir de Beruff vun der Léierin an dem Schoulmeeschter zu engem groussen Deel am Ausland gemaach gëtt. Trotz alle Beméiungen, déi an de leschte Joren ënnerholl goufen, hu mir awer nach ëmmer eng latent Penurie un Enseignanten. Fir den SNE/CGFP ass et dofir onëmgänglech, d'Zuel vun de Studenten an den Erziehungswissenschaften op der Uni.lu ze erhéijen ouni awer d'Qualitéitskrittären erfzesetzen.

An deem Zesammenhang däerf een d'Fro stellen, ob d'Admissiounskrittären, wéi se am Moment op der Universitéit Lëtzebuerg ugewant ginn, nach ëmmer hir Berechtigung hunn.

3.5 Kodéieren an der Grondschoul

Dëst Joer fänke mir jo an der Grondschoul am Zykel 4 u mat Kodéieren. Haut wësse mir, dass d'Kodéiere keen reguläert Schoulfach gëtt, mee transversal an déi aktuell Fächer integréiert gëtt. Eng prinzipiell Fro däerf awer an deem Zesammenhang gestallt ginn:

Ass et bei den aktuelle Programmer, déi scho gutt gefëllt sinn, iwwehaapt méiglech nach weider nei Inhalter opzehuelen? Och wa behaupt gëtt, d'Kodéiere géif sech zum Beispill wonnerbar am Mathematiksunterrecht abbaue loossen an et kéint een do Synergië generéieren, esou ass et awer de Constat an de leschte Joren, dass ëmmer méi Aufgaben op d'Schoul duerkommen an ëmmer méi Inhalter sollen an der Schoul behandelt ginn.

Elo wär vläicht de Moment komm, fir endlech déi aktuell Programmer op de

Leescht ze huelen, sech vun Allaaschten ze trennen a sech op dat Essentiellt ze konzentréieren. Dovunner gëtt schonn zënter Jore geschwat, mee et ass nach näischt geschitt.

Problematesch gëtt et nämlech, wa mir permanent d'Programmer opstocken ouni op där anerer Säit Saachen ewechzeloossen. Am Moment steet den Enseignant scho bal virun enger «Mission impossible» fir de ganze Programm am Fundamental duerchzeboxen.

Eng aner Erausforderung a Punkto Coding sinn déi informatesch Infrastrukturen, och wann et elo am Ufank heescht, et kéint een och ouni informatesch Material «kodéieren». Op e längeren Zäitraum gekuckt, wäert et awer sécherlech net ouni de Réckgrëff op informatesch Material goen. De MENJE decidéiert, d'Kodéieren an der Grondschoul anzeféieren, ass awer net responsabel fir déi informatesch Infrastrukturen. Hei kommen dann d'Gemengen nees an d'Spill. Si sinn an der Flicht de Schoulen an den Enseignanten dat néidegt Material ze liwweren fir dass si de Coding och kënne beschtméiglech enseignéieren.

3.6 Instituteurs spécialisés en compétences numériques (I-CN):

D'«Instituteurs spécialisés en compétences numériques» ginn Hand an Hand mam Aféiere vum Kodéieren an de Grondschoulen. Wéi den Numm et scho seet, sinn d'«Instituteurs spécialisés» och Léierinnen a Schoulmeeschteren an, «à la base», soll e Schoulmeeschter och mat Kanner schaffen. Dëst gesinn déi politesch Responsabel awer net esou.

Datt d'I-CN mat de Kanner schaffe sollen ass bei hire Missiounen esou net virgesinn. En absolutten No-Go fir den SNE/CGFP. De Prinzip, dass d'Léierin an de Schoulmeeschter, och wann se spezialiséiert sinn, mat Kanner schaffe missten, misst den Ausgangspunkt vun de politeschen Decisioune sinn.

Jo, den SNE/CGFP kann d'Noutwendegkeet vun engem «Instituteur spécialisé en compétences numériques» novollzéien, mee seng Plaz muss um Terrain an de Schoule bei de Kanner sinn.

Dofir fuerdert den SNE/CGFP d'Politik op fir an dësem Dossier ëmzedenken an dat zum Wuel vun de Kanner. D'«Instituteurs spécialisés» sollen eng «Tâche d'enseignement direct» vun 23 Stonne mat Kanner hunn, ouni dass si an de Contingent mat agerechent ginn.

Et gëtt scho genuch kontestéiert, dass ëmmer méi Léierinnen a Schoulmeeschteren eng administrativ Tâche hunn oder net méi am Kontakt mat de Kanner an onse Schoule schaffen, dofir sollte mir dee Feeler bei den I-CNen net maachen. D'I-EBS sinn e gutt Beispill wéi et funktionéiere kann. Dëst spezialiséiert Léierpersonal schafft um Terrain,

an de Schoulen, mat de Kanner an dat als e Surplus vum Contingent.

3.7 Penurie un Enseignanten:

Fakt ass, dass mir zënter e puer Joer net genuch nei Léierinnen oder Schoulmeeschtere rekrutéiere kënnen fir déi vakant Plazen ze besetzen. Zënter e puer Joer ginn elo och fräi Plazen duerch Leit mat engem Bachelorstudium a Relatioun mat engem Schoulfach besat. Eng Solutioun, déi jo zäitlech begrenzt ass an där den SNE/CGFP sech aus pragmatische Beweegrënn net opposéiert huet. Et ass nämlech e Fakt, dass mir d'Quersteinsteiger brauche fir den Enseignement an de Grondschoulen oprechtzeerhalen.

Fir den SNE/CGFP war an ass et awer wichteg, dass d'Studente mat engem Bachelordiplom an de «Sciences de l'éducation» ëmmer eng absolutt Prioritéit fir de Concours behalen. Nëmmen an deene Situatiounen, wou sech net genuch diploméiert Schoulmeeschtere mellen, däerf op déi sougenannte Quereinsteiger zeréckgegraff ginn.

Fir dem Schoulmeeschteschberuff nees eng Perspektiv ze ginn an en och op laang Zäit méi attraktiv ze maachen, müssen eng Rei Mesuren ergraff ginn:

- Schoulhale muss nees d'Hauptmissioun vum Enseignant ginn.
- Déi administrativ Aarbechte müssen op de strikte Minimum reduzéiert ginn. D'Kand an d'Hëllef fir d'Kand müssen nees am Mëttelpunkt stoen.
- D'Direktiounen sollen d'Enseignantë besser ënnerstëtzen an hinnen zur Säit stoen.
- De «Bien-être au travail» muss méi vum MENJE promouvéiert ginn.
- Mir brauchen eng «Campagne de recrutement», déi vun alle concernéierte Schoulakteure gedroe gëtt.

Nëmmen da wäert et nees méiglech ginn, méi jonk Leit fir de Beruff ze motivéieren.

3.8. Encadrement vun EBS Kanner

Wat den Encadrement vu Kanner mat spezifische Besoinen ubelaangt, huet den SNE/CGFP och eng Rei Fuerderungen:

- Fir verhalensopfälleg Kanner müssen an den Ae vum SNE/CGFP schoulintern Strukture mat Infirmieren, «Assistants sociaux», «Éducateurs gradués» geschafe ginn. Dës «Task Force» kéint dann direkt intervenéieren, wann et an enger Klass brennt fir dass den normalen Unterrecht net gestéiert gëtt. Des Weidere kéint des «Task Force» bei der «Assistance médicale» bei Kanner, déi e «Projet d'accueil

individualisé (Pai)» hunn, intervenéieren. D'«Mise en place» vu Preventiounsmesurë kéint och eng Missioun vun dëser «Task Force» sinn.

- Mir brauchen eng substansteiell Erhéijung vum Contingent un «Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS)».

- D'ESEBe mussen weider renforcéiert ginn, an dat an all de Beräicher. Ausserdeem misste si och scho vum Zykel 1 un aktiv ginn.

- De Bilan 30 muss obligatoresch ginn.

- All Kompetenzzentre mussen och Kanner beschoulen.

3.9 Reflexiounen zum «Plan de développement de l'établissement scolaire

PDS»

Mir kënnen eis Pressekonferenz awer net ofschléissen ouni nach e puer Wuert iwwe de «Plan de développement de l'établissement scolaire PDS» ze verléieren. **D'Schoule solle während dem Schouljoer 2020/21 hire lafende PDS ofschléissen, dësen evaluéieren an zur gläicher Zäit och deen nächste PDS schonn ausschaffen. Dëst ass e ganz sportleche Programm fir e Schouljoer, dat nach mat villen Inconnuë verbonnen ass. Den SNE/CGFP fuerdert eng Entschleunegung vun deem ganze Prozess.**

Am Schouljoer 2019/20 ass e ganzt Semester verluer gaangen a kee weess, wéi d'Schouljoer 2020/21 wäert verlafen. D'Prozedur vum PDS muss un déi aktuell Situatioun ugepasst ginn an d'Schouljoer 2020/21 muss an dësm Kontext als lwwergangsjoeer ugesi ginn. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Schoule während dem Schouljoer 2020/21 hire lafende PDS sollen a Rou weiderféieren, richteg ofschléissen an evaluéieren. Eréischt 2021/22 soll dann deen nächste PDS ausgeschafft ginn, dëst an der Hoffnung, dass dann de Schoulbetrib nees normal leeft. Et wär absolutt kontraproduktiv, fir d'Schoulen elo mat enger onflexibeler Timeline, déi net méi un déi aktuell Situatioun ugepasst ass, ze hetzen.

Mir soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Patrick Remakel, President SNE/CGFP